adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
19 AVR. 2016
2016

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

Den Zoustand vun denen 48 Dingoën vun der Lëtzebuerger Arméi mecht mir nach ëmmer Suergen. A senger Äntwert op meng Fro vum 21. November 2014 hat den Här Minister eng etlech Erklärunge ginn, mee et schéngt datt d'Problemer net méi kleng gi sinn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Verdeedegungsminister dës Froe stellen:

1. Well d'Praxis schéngt esou ze sinn, datt deier Equipementer aus verschiddene Gefierer ausgebaut ginn fir anerer asazbereet ze maachen, freet sech wéi vill Dingoën am Duerchschnëtt voll operationell sinn? Wéi huet sech d'Zuel vu voll asazbereeten Dingoën iwwer déi lescht zwee Joer entwéckelt?
2. A wéivill Operatiounen oder Manövere sinn dës Systemer bis elo engagéiert ginn?
3. Ass hei zu Lëtzebuerg dru geduecht, e gehëtzten Hangar fir déi Waffesystemer ze bauen oder soss zur Verfügung ze stellen, fir se, besonnesch am Wanter, manner pannenufälleg ze maachen?
4. Stëmmt et, datt en Deel vun der Software scho vereelst ass an net méi kann aktualiséiert ginn, respektiv misst ersat ginn? Wa jo, wéini geschitt dat?
5. Stëmmt et, datt d'Arméi kee Maintenance-Vertrag fir déi Gefierer huet? Wa jo, wat sinn d'Konsequenzen? Denkt den Här Minister an dem Fall drun, fir esou Verträg ofzeschléisse fir d'Operabilitéit vun deene Gefierer ze verbesseren?
6. Sinn all Ersatzdeeler fir den Dingo nach disponibel a fir wéi laang? Wat mécht d'Arméi fir déi Systemer méiglechst laang operationell ze halen?
7. Gëtt et genuch Instruktere fir d'Personal op deene Systemer ze forméieren? Wéivill vun deenen Dingoë kënnen haut gläichzäiteg mat hirem kompletten a fäerdeg instruéierten Equipage an engem Asaz benotzt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Äntwert vum Minister fir Défense Etienne SCHNEIDER op d'parlamentarsch Fro no. 2016 vum 19.Abrëll 2016 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.

Introductioun

De PRV („Protected Reconnaisance Vehicle") ass en komplexen System deen sech aus zwou Haaptkomponenten zesummesetzt :

- eng mechanesch Komponent,
- eng operationnell Komponent, och „ mission kit " genannt.

Déi mechanesch Komponent besteet aus dem Won eleng (= den Dingo) matt abegraff déi ballistesch Protektioun.

Den „ mission kit " besteet aus dräi Systemer :

- Kommunikatiounssystem (C4I = Command, Control, Communications, Computers, and Intelligence)
- Observatiounssystem (OWS = Observer Work Station)
- Waffensystem (RWS = Remote Weapon Station).

D'Arméi considéréiert 3 Zoustänn vum PRV :

- **Voll operationnel** : de Won ass komplett funktiounsfäheg; all d'Systemer funktionnéieren,

- **Operationnel** : de Won ass zum Deel funktiounsfäeg woubäi verschidden Deeler futti sinn wou awer keen Sécherheetsrisiko besteet; den Woon kann fir Trainingszwecker agesaat gin,

- **Inoperationnel** : de Won ass nëtt funktiounsfäheg well e Sécherheetsproblem besteet.

Äntwert op d'Fro No 1

Am Duerchschnëtt sin ëm déi 40 Ween zu all Zäit voll operationnel/operationnell.

Total 48 Ween	Abrëll 2014	Abrëll 2015	Abrëll 2016
Voll operationnel	28	26	32
Operationnel	13	18	13
Inoperationnel	7	4	3

Äntwert op d'Fro No 2

D'lëtzebuergesch Arméi ass équipéiert fir hiren internationalen Enagementer gerecht ze gin an fir hir Militär esou gutt wéi méiglech ze schützen. D'Décisioun fir Equipement anzesetzen gëtt au cas par cas geholl op Basis vun enger Analyse vun den Conditiounen um Terrain an vun den Besoin'en vun der spezifescher Missioun.

Operatiounen: vun Mee 2011 bis Juli 2012 goufen 4 Ween am Afghanistan / Kabul (ISAF) agesaat fir Escorten ze fueren an verschidden aner Missiounen am Kader vun der Protectioun vum militäreschen Deel vum Flughafen.

Exercicer an operationnell Déploiementer :

Dingo'en sin zënter 2014 agesaat gin an folgenden nationalen an internationalen Exercicer an Déploiementer. D'Zuel vun Dingo'en pro Exercice an Deploiement huet variéiert tëschent 6 an 22 Dingo'en am Asaatz.

- Am Joer 2014 : 18 national Exercicer, 4 international Exercicer dovun een operationnellt Déploiement vun 3 Wochen an Litauen am Kader vum "Readiness Action Plan" vun der NATO an 3 Exercicer am Kader vun der Préparatioun fir den EU Battlegroup 14.

- Am Joer 2015 : 21 national Exercicer, 2 international Exercicer an Holland an Däitschland an een operationnellt Déploiement an Litauen während 5 Wochen.

- Am Joer 2016 : bis elo (01 Mee) 12 national Exercicer, an et gin 8 Ween am Kader vun engem operationnellen Déploiement fir 6 Wochen an Litauen engagéiert, wou se un en däitscht Bataillon rattachéiert gin.

Doniewent ass den DINGO permanent um Härebierg am Asatz fir d'Instructioun an d'Ausbildung am Kontext Führerschäiner, Ausbildung op den Sous-Systemer, Training vun takteschen Driller mam Won (z.B. réaction au contact, débarquement sous le feu, remorquage).

D'Ween gin och zur Verfügung gestallt fir d'Ausbildung an der Belge vun eisen Offizéier an Ënneroffizéier.

Äntwert op d'Fro No 3

Am Kader vun den Infrastrukturarbechten war envisagéiert gin e gehëtzten Hangar ze bauen, mais en fin de compte erfëllt en Hangar matt enger gudder Loftzirkulatioun säin Zweck. Daat geet och duer vu dass den PRV an seng Sous-Systemer den NATO Standarten entspriechen déi de Funktionnement an d'Lagerung an gewëssen Klimazonen définéieren. Sou kann de Woon tëschend -32°C an 49°C gebraucht an tëschend -33°C an 71°C stockéiert gin. D'Handbuch gesäit och keng speziell Lagerkonditiounen vir. Et as awer geplangt fir am Hiescht 2016 am neien Hangar en Kompartiment ze aménagéieren wou d'Ween matt Ventilatiounsapparater gedréchent gin wann se naas erankommen.

Äntwert op d'Fro No 4

Am Kader vun den neien Besoin'en an Engagementer an der NATO stellt sech d'Fro, ob nei Ween gebraucht wärten gin oder nët. Dofir ass décidéiert gin, fir den update vun den Systemer nach nët ze maachen, en attente vun enger Décisioun ob zousätzlech Ween solle kaaf gin. D'Méiglechkeet besteet awer nach ëmmer, am Kader vum Kontrakt, fir den update ze maachen. D'Décisioun iwwer eventuell zousätzlech Ween ass nach nët gefall.

Den Fait dass den System nach nët aktualiséiert gin ass ass keen Problem, wann een an engem zouenen Réseau schafft, waat d'Arméi beim PRV prinzipiell mécht.

Äntwert op d'Fro No 5

D'Arméi huet iwer d'NSPA Verträg mat allen Fournisseuren vun den Sous-Systemer. Et handelt sech hei ëm „framework contracts" oder „outline agreements" déi gratis sin. Iwer dës Kontrakter leeft souwuel all d'Maintenance vun futtissem Material wéi den Akaaf vun sämtlechen Ersatzdeeler (ausser Klengdeeler wéi Schrauwen oder Filteren). All Akaaf oder Reparatur vun Material setzt en Devis viiraus an gët vun Fall zu Fall décidéiert.

Äntwert op d'Fro No 6

Eng Partie vun den Ersatzdeeler kann weiderhin bestallt gin, quitte dass d'Livraisounsdélai'en laang sin. Op där aanerer Säit gëtt ët eng Rei vun Ersatzdeeler, wou mir vum Fournisseur informéiert gi sin, dass se nët méi wärten gebaut sin. An deem Fall, wann den Besoin do ass an ët ass budgétaire méiglech, maachen mir en „last buy" fir esou Stécker. Och as et méiglech iwert den „Dingo Users Group" wou d'Arméi bedeelegt as, verschidden Stecker bei aneren Natiounen ze beschaafen. Deemno huet d'Arméi Léisung fir d'Opérationalitéit vun hiren Ween ze assuréieren.

Fir d'Systemer operationnel ze haalen hällt d'Arméi sech un d'Viirgaben vun der Industrie waat d'preventif Maintenance ugeet: all PRV muss all 6 Méint an d'Maintenance wou souwuel déi mechanesch Komponenten wéi och den mission kit kontrolléiert gët.

Äntwert op d'Fro No 7

D'Arméi huet 2 Instruktere fir den Kader op den Sous-Systemer vum Woon auszebilden. Des Equipe „instruction PRV" kann punktuell vun engem drëtten Instrukter ënnerstëtzt ginn. Vum Effectif aus geet daat duer. Des Équipe forméiert den Kader vun den Reconnaissance Peloton 'en . Dono ginn d 'Sergeanten an d'Kaperäl aus dem Peloton hiert Wëssen un d'Zaldoten weider. D'Equipe „instruction PRV" schafft also no dem Prinzip „train the trainer" an sie maachen punktuell Kontroll op d'Instruktioun an den Kompanien richteg gehal gëtt. Betreffend den Won DINGO, gëtt d'Fahr-Instructioun am Peloton "Instruction Chauffeurs" gemat, wou mer 9 Instructeuren an Aide-Instructeuren hunn. Dat geet och duer.

Am Moment kéint d'Arméi 2 Peloton'en matt DINGOen an eng Missioun schécken woubäi parallel 2-3 Peloton matt DINGOen am Training wären. Een Peloton brauch 6 Dingo'en, demmno kënnen ongefeier 24-30 Dingo'en gläichzäiteg am Asaatz benotzt gin.